N°4233
Entrée le 12.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.06.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz, Wirtschaft, Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Am RTL Journal vum 23ten Abrëll 2025 gouf bericht, datt eng Persoun iwwert Woche Villercher mat der Substanz Alphachloralose vergëft hat (ëmgangssproochlech schwätzt ee vu Rategëft).

Dëst Gëft ass fräi am Handel erhältlech ass an et goufen an der Vergaangenheet och Fäll, wou Hausdéiere mat esou Produite vergëft goufen. Doriwwer eraus existéieren awer och Gëfter, déi speziell vu Firmen agesat ginn an net am fräien Handel erhältlech sinn.

Insgesamt stellt sech d'Fro vum Impakt vun dëse Gëfter op eis Ëmwelt an d'Déierewelt. D'Gëfter wierken, jee no Zort an Dosis, net ëmmer direkt a kumuléieren sech am Kierper vun der Rat, wou se iwwert d'Liewensmëttelkette kënnen aner Déieren vergëften, déi d'Rate friessen (Gräifvullen wéi de Rotmilan oder Säugeren, wéi Fiiss oder Marderen).

An anere Länner, wéi Däitschland, ass Rategëft net méi am fräien Handel erhältlech.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Rategëfter sinn zu Lëtzebuerg zougelooss an dierfen agesat ginn?
2. Wéi vill Quantitéite vun dëse Rategëfter goufen an deene leschten 3 Joren hei am Land vu Firmen an ëffentleche Verwaltungen agesat?
3. Wéi vill Fäll vu Vergëftung vu Wëlldéieren, Hausdéieren, geschützten Déierenaarten an Déieren an der Landwirtschaft goufen an de leschte 3 Joren erfaasst?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Kann d'Regierung dës Zuelen no Déierenaart opléschten, notamment fir geschützten Déierenaarten, wéi dem Rotmilan?

4. Wéi bestänneg sinn déi zu Lëtzebuerg zougeloosse Gëfter fir d'Ëmwelt (Grondwaasser, Buedem) an huet d'Regierung Analysen iwwert d'Präsenz an den Impakt vun dëse Gëfter op eis Ëmwelt? Falls nee, sinn Analysen geplangt a falls nee, firwat net?

5. Wat sinn déi aktuell Strofen, wann eng Persoun virsätzlech:
   1. ee Wëlldéier vergëft,
   2. eng geschützten Déierenaart vergëft,
   3. oder een Hausdéier (am Sënn vum Déiereschutzgesetz) vergëft?

6. Wäert d'Regierung, de fräie Verkaf vu Rategëfter verschäerfen, fir Mëssbrauch a Schied fir Déieren an Ëmwelt besser ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

N°4233
Entrée le 07.08.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit a vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n° 4233 vum 12. Juni 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc GOERGEN iwwert "Vente et utilisation de poisons contre les animaux"**

1. **Wéi eng Rategëfter sinn zu Lëtzebuerg zougelooss an dierfen agesat ginn?**

An der EU sinn fir biozid Rategëfter déi follgend Wierkstoffer approuvéiert:

- Gerinnungshemmend Wierkstoffer: *Chlorophacinone*, *Coumatetralyl*, *Bromadiolone*, *Brodifacoum*, *Difenacoum*, *Difethialone* an *Flocoumafen*.
- Wierkstoffer mat anere Wierkmechanismen: *Carbon dioxide*, *Hydrogen cyanide*, *Alphachloralose*, *Aluminium phosphide releasing phosphine* an *Cholecalciferol*.

Zu Lëtzebuerg si biozid Rategëfter mat all dëse Wierkstoffer zougelooss, mat Ausnam vun *Hydrogen cyanide*, *Aluminium phosphide releasing phosphine* a *Chlorophacinone*.

Dës Zouloossungen sinn deelweis limitéiert op den "utilisateur professionnel", oder esouguer just op professionell Schädlingsbekämpfer. D'Uwendung op fräiem Feld oder fräie Gréngflächen ass fir kee vun dëse Produiten autoriséiert.

2. **Wéi vill Quantitéite vun dëse Rategëfter goufen an deene leschten 3 Joren hei am Land vu Firmen an ëffentleche Verwaltungen agesat?**

Des Informatioune leien dem Ministère net vir.

3. **Wéi vill Fäll vu Vergëftung vu Wëlldéieren, Hausdéieren, geschützten Déierenaarten an Déieren an der Landwirtschaft goufen an de leschte 3 Joren erfaasst?**
   **Kann d'Regierung dës Zuelen no Déierenaart oplëschten, notamment fir geschützten Déierenaarten, wéi dem Rotmilan?**

- 2024 goufe 4 Echantillonen vu Kadavere vu Vullen op Vergëftung ënnersicht: 3 dovunner ware positiv;
- 2025 goufe 16 Echantillone vu Kadavere vu Vullen ënnersicht: 10 dovunner ware positiv;
- 2026 goufen 2 Echantillone vu Kadavere vu Vullen ënnersicht : déi 2 waren negativ.

4. **Wéi bestänneg sinn déi zu Lëtzebuerg zougeloosse Gëfter fir d'Ëmwelt (Grondwaasser, Buedem) an huet d'Regierung Analysen iwwert d'Präsenz an den Impakt vun dëse Gëfter op eis Ëmwelt?**
   **Falls nee, sinn Analysen geplangt a falls nee, firwat net?**

Déi uewe genannte gerinnungshemmend Wierkstoffer sinn oft als "PBT" ("*persistent*, *bioaccumulable*, *and toxic*") agestuuft. De gréisste Risiko vun dëse Produite fir d'Ëmwelt besteet duerch d'Vergëftung vun Organismen déi net d'Zil sinn, also sekundär Effekter déi direkt oder indirekt kënne sinn (z. B. duerch d'Consommatioun vu verseuchten Organismen). Dofir sinn d'Uwendungen vun dëse Produiten

duerch spezifesch Moossnamen esou limitéiert, datt d'Impakter op d'Ëmwelt esou gutt wéi méiglech minimiséiert ginn, och wann se net ganz ze verhënnere sinn.

Am Allgemenge gi bei der Zouloossung och Impakter op d'Ëmwelt analyséiert. Déi an der Fro 1. mentionéiert biozid Rategëfter stellen am Respekt vun hieren jeweilegen Uwendungsconditiounen keng Gefor fir d'Grondwaasser duer, a bréngen och kaum Gefore fir Buedemorganisme mat sech.

Déi opgeléschte Wierkstoffer stinn ausserdeem net op enger vun den offiziellen Iwwerwaachungsléschten, déi d'Waasserverwaltung am Grondwaasser reegelméisseg iwwerwaacht. Zousätzlech sinn dës Substanzen och net fir eng wäit verbreete Notzung zougelooss, dofir ginn dës net am Kader vum routineméissege Monitoring vun der Waasserverwaltung ënnersicht.

5. **Wat sinn déi aktuell Strofen, wann eng Persoun virsätzlech:**
    1. **ee Wélldéier vergëft,**

Laut Artikel 19 vum modifizéierten Naturschutzgesetz vun 2018, ass eng „destruction non-justifiée" vu wëllen Déiere verbueden. Domadder gëtt e willkürlecht Vergëfte vu wëllen Déiere laut Artikel 75 (1) bestrooft – hei si Geldstrofen vun 251 bis 750.000€ an/oder Prisongsstrofen vun 8 Deeg bis 3 Joer virgesinn.

2. **eng geschützten Déierenaart vergëft,**

Fir déi geschützten Déierenaarten ginn et, niewent de Bestëmmungen aus dem Artikel 19, nach méi spezifesch a méi streng Dispositiounen am Artikel 21 vum selwechte Gesetz. Hei ass explizit all "mise à mort intentionelle", onofhängeg vun der gewielter Method, verbueden a gëtt och nom Artikel 75 (1) bestrooft. Wichteg ze erwänen ass, datt bis op e puer Ausnamen, all Vigelaarten, déi an Europa wëll-liewend virkommen, hei am Land als integral geschützt gëllen.

3. **oder een Hausdéier (am Sënn vum Déiereschutzgesetz) vergëft?**

Laut dem Déiereschutzgesetz riskéiert eng Persoun, déi een Déier ouni valabele Grond ëmbréngt oder dozou bäidréit, datt et ëmbruecht gëtt, eng Prisongsstrof vun aacht Deeg bis dräi Joer an/oder eng Geldstrof tëscht 251 € an 200 000 €.

An enger geplangter Ergänzung vum Gesetz iwwert biozid Produiten si Sanktiounen fir hire Mëssbrauch virgesinn.

6. **Wäert d'Regierung, de fräie Verkaf vu Rategëfter verschäerfen, fir Mëssbrauch a Schied fir Déieren an Ëmwelt besser ze verhënneren?**

Am Zesummenhang mat de rezent festgestallte Vergëftunge mat *Alphachloralose* ass festzehalen, datt déi betraffe Produiten op EU-Niveau ausschliisslech géint Mais autoriséiert sinn an nëmme bannent Gebaier dierfen agesat ginn.

Ausserdeem ass déi nach aktuell eenzeg Zouloossung zu Lëtzebuerg fir e Produit op *Alphachloralose*-Basis schonn haut op professionell Schädlingsbekämpfer limitéiert. Well fir dës Autorisatioun keng Erneierung ugefrot gouf, leeft se Ufank Oktober 2026 aus.

Nager kënnen eng Gefor fir d'Gesondheet vu Mënschen an Déieren duerstellen an och wirtschaftlech Schied verursaachen. Eng effikass Bekämpfung bleiwt dofir noutwendeg.

Eng effektiv Ratebekämpfung baséiert haut staark op der Notzung vu gerinnungshemmende biozide Produiten. Eng professionell Bekämpfung ass oft op Entreprisen an Institutioune limitéiert.

Aus de genannte Grënn muss d'Disponibilitéit vun dëse Produite fir Bierger an de professionelle Milieu oprecht erhale ginn. D'Erneierung vun de gerinnungshemmenden Wierkstoffer gëtt am Moment op EU-Niveau analyséiert. Sollten heibäi effikass a manner geféierlech chemesch oder net-chemesch Alternativen identifizéiert ginn, wäert sech Lëtzebuerg fir e progressiven Ersatz mat dësen Alternativen asetzen.

Lëtzebuerg, de 7. August 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit